I-2017-0-M-5102-01 (2793)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, de 15. November 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser
Interpellation liberté d'expression

**MOTIOUN** 1

D'Chamber

- ass intresséiert un der Aarbecht vum Conseil de l'Europe an also och un där vun der "*Commission Européenne contre le racisme et l'intolérance (ECRI)*", déi eent vu ville Gremie vum Europarot am Beräich vun de Mënscherechter ass;
- huet Kenntnis geholl vum "Rapport de l'ECRI sur le Luxembourg" (cinquième cycle de monitoring), deen de 6. Dezember 2016 ugeholl an den 28. Februar 2017 publizéiert gouf;
- stellt fest, datt dee Rapport gläich op e puer Plazen ënnersträicht, datt déi lëtzebuergesch Justiz d'Strofrecht op eng wäit Manéier interpretéiert, z. B. esou "*En même temps, l'ECRI constate avec satisfaction que les tribunaux interprètent les dispositions sur l'incitation à la haine d'une manière large.*";
- erënnert, datt et e Grondprinzip am Rechtswiesen ass, dat den "Droit pénal d'interprétation stricte" ass an, am Intressi vun der Rechtssécherheet, net däerf a soll op eng méi wäit Manéier interpretéiert ginn ("principe de légalité en droit pénal");
- ass besuergt iwwer déi Tendenzen an eiser Gesellschaft, déi, am Widdersproch vun eiser Verfassung, eng Zensur wëlle justifiéieren;
- ass beonrouegt iwwer ëmmer méi wäitgoend Iwwerinterpretatioune vun esou Begrëffer wéi "Diskriminéierung", "Opruff zum Haass", an esou virun, déi eng de facto-Zensur probéieren ze justifiéieren;
- wëllt all Aschränkung vun der Meenungsfräiheet esou wäit wéi méiglech an eiser fräier, pluralistescher an demokratescher Gesellschaft verhënneren.

D'Chamber fuerdert de Justizminister dowéinst op:

- fir de Respekt vum Artikel 24 vun der Verfaassung anzestoen an d'Zensur ze bekämpfen;
- am Respekt vun der Onofhängegkeet vun der Justiz dorunner ze erënneren, datt den Droit a besonnesch d'Strofrecht mussen op eng strikt Manéier interpretéiert an applizéiert ginn;
- der Chamber bannent sechs Méint e *Projet de loi* virzeleeën, deen den Artikel 454 an déi duerno vum Strofgesetzbuch, déi d'Restriktioune vun der Meenungsfräiheet betreffen, esou ofzeänneren, datt si konform zum Artikel 24 vun der Verfassung sinn.

F. Kartheiser